pétange
MOTIVATION COMMUNE

Här Jean-Pierre ECKER
Gemengeconseiller

16, Chemin de Brouck

L-4808 RODANGE

Referenz :2024.59921.SECR

Péiteng, den 1. März 2024

**Betreff: Är Froe vum 1. Februar 2024**
(Den Dossier gëtt beaarbecht vum Guy Wagner -Tel. : 50 12 51 – 2013)

Här Jean-Pierre Ecker,

An ärer Fro vum 1. Februar 2024, déi der Gemengeverwaltung per Email den 1. Februar 2024 zougestallt gouf, stellt Dir dem Schäfferot folgend Froen :

*Här Buergermeeschter, wäert Membere vum Schäfferot,*

*An der Rue Jos Moscardo sinn a leschter Zäit eng Partie Mängel opgetrueden. Éischtens ass d'Afaart zur Bushaltestell an engem schlechten Zoustand, de Pavé ass scho labber, kromm an net méi op der selwechter Héicht.*

*Dat ganz Fundament ass staark beschiedegt. Zweetens gouf de Foussgängerstreifen eréischt virun dréi Méint fäerdeg gestallt an eio sinn d'Plättercher vum Trottoir Iabber, kromm an net méi op der selwechter Héicht.*

*An deem Zesummenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemengegesetz, wéiit ech iech folgend Froe stellen:*
*1. Ech géif gäre wëssen, wat d'Gemeng mecht, fir déi Problemer ze behiewen?*
*2. D'Strooss an d'Bushaltestell sinn eréischt viru manner ewéi zwee Joer gebaut ginn. Sollt do net d'Firma, déi d´Aarbechten ausgefouert huet, d'Verantwortung iwwerhuelen, bzw. existéiert eng Garantie oder Versécherung, fir dass net Steiergelder fir d'Reparatur musse benotzt ginn?*

*Mat Respekt,*

*Jean-Pierre Ecker*
*Gemengeconseiller*

pétange
MOTIVATION COMMUNE

Hei dem Schäfferot seng Äntwert op är Froen :

Här Ecker,

1. D'Gemeng ass momentan a Kontakt mat den zoustännegen Entreprisë fir dës Problemer ze behiewen.
2. D'Reparature vun de jeeweilege Plaze ginn nach am Kader vun de verschiddene Chantieren iwwerholl an et wäerte keng zousätzlech Käschte fir d'Gemeng entstoen.

Mat frëndleche Gréiss,

De Gemengesekretär, De Buergermeeschter,

Adresse postale: ADMINISTRATION COMMUNALE DE PÉTANGE
b.p. 23 · L-4701 Pétange
ouvert du lundi au vendredi de 8.30 à 11.30 et de 13.30 à 16.30 heures
mercredi nocturne jusqu'à 18.30 heures
Téléphone: 50 12 51-1000
Adresse e-mail: commune@petange.lu
Site Internet: www.petange.lu
N° TVA: LU 102 90 925
N° fiscal: 00005132118